# Eng Turnstonn.

*Jimm:* (e Bo'f vun 10 Joer, am Boys Skouts-Kostüm, ass elèng an der Stuff an turnt: mecht Übongen mat den Ärem, de Bên, lét sech op de Reck.)

*Jules:* (sei Komerod, kuckt em eng Zeit lâng an der Dir no a rifft hârt:) Halt!

*Jimm:* Ei, we' sin ech elo erfe'ert!

*Jules:* A wat der Deiwel dreiwst du fir Konschten?! Ass eng Schrauw lass?

*Jimm:* Do brauch kèng Schrauw lass ze sin, ech turnen!

*Jules:* 'T muss ên dach verréckt sin, fir d'Ärem an d'Bên eso' wèg ze strècken! Mir mâchen en decke Nol an de Plafong, hänken dech op, eng Ficelle an de Reck an dann hu mer dé sche'nsten Hampelmann.

*Jimm:* Komm bei d'Boys Skouts, Jong, da le'erst du turnen. Kènnst neischt dervun. Duofir hal stel. Turnen! Ei, wat mecht dat d'Muskele lass! (mecht Übongen.) Do ges de gewierweg, ge'fs iwert en Dâch ewèg sprangen.

*Jules* : Alt e bessche luos. Mâch ass d'alt nidder kens.

*Jimm:* Ech ge'f Dag a Nuocht turnen!

*Jules:* Och, wann d'Iéssen um Desch stêt?

*Jimm:* Ah, Jong, ech kann ewèll en Teller op der Nuos danze lôssen.

*Jules:* A wat um Teller ass, ennert der Nuos andanze lôssen. Dat brengen ech och schons fèrdeg.

*Jimm:* Jé, mat dir ass jo kê verstännegt Wûrt ze schwätzen! Du sollst och turne le'ren.

*Jules:* Ma, da le'er du mech. Et dêt secher net we'?

*Jimm:* Efalt, et dêt an alle Knache gutt. Du liews 20 Joer me' lâng, wanns du turns.

*Jules:* Wa mer neischt zo'ste'sst. Dajé, lôsse mer direkt ufänken. — — Hei, do bausse rullen de' aner am Drèck. Solle mer de' net och ruffen?

*Jimm:* Ech wöll, ma ech soen der ént: ass kê Kame'di get, soss gi mer gelicht.

*Jules:* (rifft de' aner.) Jonge kommt, de Jimmy wêss èppes! — Kommt!

*Jimm:* Ass de Mètti och derbei?

*Jules:* Jo, wofir?

*Jimm:* Dén ass vill ze steif fir ze turnen!

*Jules:* O, mir dreiwen dém d'Steifhêt schons aus de Glidder. Lo turne mer all zesummen, an du bass eisen Turnmêschter.

*Jimm:* O, do misste mer en Turnsaal hun.

*Jules:* Hopp, den Desch op d'Seit, hei ass Sall genug!
(Et kommen hirer 5 vun démsèlwegte Kaliber eragestîrmt.

*All:* Hei, de Jimmy, we' fein! (Sie mustern seng Uniform.)

*Nik:* E Generol!

*Pitt:* De Buffalo Bill!

*Rob:* Huos du och e Revolver?

*Jeng:* Lôss mech den Hutt emol opmiéssen! (sètzt en op. Zo' de Leit:) We' gefalen ech iech elo?

*Mètt:* (gêt ronderemer, reselt de Kapp.) Mei Papp huot recht: d'Welt ass verréckt!

*Jules:* Hei, lo get ‚geturnt!

*All:* (o'ne' de Mètt.) Geturnt! Geturnt! Ja, geturnt! —

*Jules:* De Jimm ass Turnmêschter!
(De' aner hun d'Paltonge schons ausgedon, de Mètt net.)

*Rob:* Muss ên d'Schong och ausdin?

*Jules:* Hâlt d'Schong un, wèll et muss hummeren! — Mètti, dajé. —

*Mètti:* (trâtscheg) Ech hellefen — net!

*Jules:* Hei, de Mètti wöllt net hellefen!

*Nik:* Nujé! Nujé! Hei muss alles hellefen!

*All:* De Mètti helleft och!

*Jules:* Hopp, ditt ên em de Paltong aus! (Sie reissen dem Mètt de Paltong aus a streppen em d'Ärem erop.

*Pitt:* Ech hale wuol jo! — Gings gèr bei d'Zaldoten a wölls net turnen!

*Jules:* Gêt de Mètti bei d'Zaldoten? (De' aner mâche schons Übonge fir sech.)

*Pitt:* Blenkeg Knäpp an e Säbel, dat gêt him.

*Jimm:* Da lauschtert, Jongen! Mir grönnen elo en Turnklub.

*Jules:* A mir nènnen en: Rummla di Bumm!

*All:* Rummla di Bumm!

*Pitt:* Mètti, lo basst ower mat: Rummla di Bumm! Ei! Ei! (Gestiku-le'ren.)

*Jimm:* Dajé, an eng Reih gestan! (Sie sti schons.) Mètti, komm du de lèschten, da geseis du we' de' aner mâchen, da brauchst du déne nemen nozemâchen. — Halt! — Rechts um! (All mâchen et richteg,

nemen de Mètti falsch.) Ech sot: Rechts um, Mètti. — Links um! (de Mètti rem falsch.) Links um, hopp marsch, d'Bên he'ch an d'Lûcht! — (marsche'ren ronderemer.) Halt! (De Mètti lêft nach, wann de' aner schons lâng stin.) Mètti, du muss extra an d'Kur gehol gin.

*Jules:* Hopp, de Mètti op den Desch!

*All:* Op den Desch!

*Mètti:* (jeitzt a strieft sech, sie tèsseln en op den Desch.)

*Jimm:* *Et* geschitt der neischt, Dabo.

*Jimm:* Nu lé dech de lânge Wé dur..

*Jules:* Op de Réck, Schwob.

*Nik:* So'.

*Jimm:* Nun huol ên e mat den Ärem, dén anere mat de Bên.

*Mètti:* Hä, ech wöll net!

*All:* Ha, du muss! (Pâcken en un. De Jimm kommande'ert a sie hiewen em d'Ärem an drecken em d'Bên.)

*Jimm:* Dat ass d'könschtlech Otmong, wann emol ên erdronk ass.

*Jules:* Mètti, wanns du bei den Zaldote schwamme gês.

*Mètti:* (jeitzt) Genug! Genug! Ech sin rem lieweg.

*Jimm:* Da ste' mol rîcht op den Desch a weis we' sche' rîcht ass du gewuos bass!

*All:* A la bonne heure!

*Jimm:* Get him de Biésem!

*Mètt:* Wöll kê Biésem.

*Jules:* Efalt, dat ass deng Flent. Du muss dech üben!

*Nik:* Hei hu mer de Fisek!

*Jimm:* Nun opgepasst: Leg an! Los!
(De *Mètti* hét de Jules mam Biésem an de Kapp. *All* lâchen.)

*Jules:* Hopp erof mat dem Zaldot. Wârt elo!

*De Mètti:* (spréngt erof.)

*Jimm:* Ganze Compagnie: Fix!

*All:* (stin s'an der Reih, stramm, we' d'Zaldoten.)

*Jimm:* Nik, ze' dei Gromperebauch an. Fix! Lo get et Kniebeugong — op d'Haupe setzen, 6 mol. — Attention! Kniebeugung: Marsch. 1, 2 — 1, 2 — (Wann de eng nidder gin, stêt de Mètti op.)

*Jimm:* Mètti, nidder. Mètti, nidder!

*Mètti:* Ma da mâcht me luos!

*Jimm:* Du bass awer steif! Halt! Lo setze mer eis op d'Haupen, d'Hänn

op de Buodem, d'Fe'ss hannen ausgestrèckt an de sèlwegte Wé rem zreck! Attention! Marsch. 1, 2, 3, 4, 5, 6, 7, 8 —

*Mètti:* Dat do mâchen ech net! (Kuckt no!)

*Jimm:* Nach eng Ke'er! 1, 2, 3, 4, 5, 6, 7, 8. — Da mechs du elo èppes elèng. D'Ärem an d'Lûcht, so' — he'ch we' d'Schöller — dre'en, so'läng we' ech soen.

*Jules:* Ech huolen de Biésem. Wann d'Ärem nidder gin, dann haen ech. (Stèllt sech virun en.)

*Jimm:* (ziélt) — — Me' fest an de Schölleren.

*Mètt:* Et dêt we'!

*Jules:* Ech haen der eng!

*Mètt:* Ech kann net me'!

*Jules:* Ech haen der eng!

*Mètt:* Ech kann net me'!

*All:* Hopp! Hopp! Hopp!

*Mètt:* O, meng Schanken!

*All:* Hopp!

*Jules:* Jong, de Biésem!

*Mètt:* (Le'sst sech trellen.) Ech kann net me'!

*Jimm:* Genug, Mètti. Du huos deng Sâch gutt gemâcht. Aus dir get nach eng Ke'er en dichtege Sportsmann!

*Jules:* An e flotten Zaldot.

*Jimm:* Häss du kê Spâss op d'Juogd ze goen?

*Mètt:* Ei dach! Eng Flent!

*Jimm:* Wêsst de, d'Flente gi gèr lass. Et kann ên och o'ne' Flent op d'Juogd goen. Warst du nach kêmol mat Döllpesse fänken?

*Mètt:* Nên! Ass dat èppes Guddes?

*Jules:* Wanns du denger Mamm dèr eng Brodeg ge'fs brengen, wat wär de' fro'!

*Nik:* Lôsse mer Döllpesse fänken!

*All:* Ja, Döllpessen! Döllpessen! Ei Sport!

*Jimm:* Nik, ge' mam Mètti aus kucken, op de Papp nach net kent. — (De' zwe'n of.)

*Jules:* Dat get nach e Spâss. Mir lôssen dén Döllpess hei setzen — — — bis de Papp kent — a mâchen eis ewèg spillen. Wat wèrd de Papp lâchen!

*All:* Bravo!

*Nik* a *Mètt:* E kent nach net.

*Jimm:* Gutt. Mètt, du bleifs hei an eiser Stuff, mir gin nach Säck siche, fir d'Döllpessen dran ze din.

*Mètt:* Gutt, ech bleiwen hei! (All of, Mètt elèng.) De' mèngen, ech wär eso' domm! — De' Döllpessen! Lo gin ech hirer mat enger gudder Mane'er lass. Hopp, fort!

*Papp:* (kent zur aner Dir eran.) Hei, mei Jong, et si kèng Döllpessen, mè eng Tût gutt Schoklatsknippercher fir dech, wèll se dech eso' gepéngecht hun!

*Mètt:* Ha! (Rifft zur Fenster aus.) Jongen, Döllpessen! Kuckt! —

*Papp:* Mâch, dass du e kèng gess.

*Mètti:* (Esst Knippercher.) De' Döllpesse si nawèll gutt!

(De' aner kommen eragestîrmt.)

*Jimm:* Papp!

*Papp:* Wo' sin elo de' gre'sst Döllpessen?

*Jules:* Mir huolen em s'all.

*Papp:* Laf se'er hêm, mei Jong. Dir bleift hei.

*Mètti:* (of — zéckt se nach.) Merci! Merci! Merci! (E weist mam Fanger op dén aneren a sét:) Döllpess! Döllpess! Döllpess!

